Jemp Schuster

# Theater zu Lëtzebuerg – wou geet dat hin?

Eng gutt Fro un een, dee kee Prophéit ass, an deen och d'Zukunft net ka viraussoen. Scho guer net déi vum Theater zu Lëtzebuerg. Et brauch een nëmmen d'Programmhefter vun all eisen Theateren duerchzeliesen, da gesäit ee wou den Theater an deenen nächste Méint histeiert. Awer doriwwer eraus gëtt et riskant fir sech festzeleeën.

Et weess jo emol kee Schauspiller a kee Regisseur, ob e bei der nächster Produktioun nach gefrot gëtt. Net well en ze schlecht wier, mä einfach well de Produzent em net ka verspriechen, deen néidege Budget zesummenzekréien. Amplaz sech op de Statut vum onofhängegen Artist ze verloossen (onofhängeg vu wiem oder wat?), hätt deen Artist besser, sech bei der Fussballnationalequipe virzestellen. Déi hunn trotz hirer miserabler Leeschtung nach ëmmer déi meeschte Sponsoren. Do brauch och keen ze fäerten, e géif versoen. Verléieren ass bei hinnen dat Normaalst vun der Welt. Am Theater kënnt ee mat där Astellung net wäit.

Wann also ee mech gefrot hätt: wéi gesäis du d'Zukunft vum Lëtzebuerger Fussball, dann hätt ech kënnen äntweren: et kann nëmme besser ginn. Si rutschen zwar ëmmer méi no hannen an der Welt-Ranguerdnung, awer dat schéngt kee Sponsor dervun ofzehalen, weider an dee Lëtzebuerger Modell z'investéieren.



Vläicht hu se souguer Recht. Mir musse jo als Lëtzebuerger net iwwerall mat der Sabbel vir bäi sinn. Geet et net duer, datt mer déi meeschte Satelliten, dee gréisste Stolkonzern, deen héchste Liewensstandard an déi kompetentst Regierung hunn, musse mer och nach déi Bescht am Theater sinn!

Hat ech elo Theater gesot, natierlech Theater, wou kommen ech dann elo op de Fussball? Et kann also gutt sinn, datt zemol 2007 déi eng oder aner geplangten an och ugekënnegt Produktioun einfach gestrach gëtt. Wee soll dat dann alles kucke goen?

Op där anerer Säit héiert een awer och erëm: et ass jo näischt lass am Theater. Engersäits ginn et Artisten, déi 300 Owender am Joer op der Bühn stinn, anersäits gëtt et ee potentiellen Theaterpublikum, deen dat guer net matkritt. Do schénge mer also ee Kommunikatiounsproblem ze hunn.

Ech behaapten emol dat hei. Den Theater zu Lëtzebuerg ass ze gutt. An eppes

*De Jemp Schuster ass Theaterschreiwert, Regisseur, Kabarettist, Satiriker, Präsident vun der FLTP – Fédération luxembourgeoise des théâtres professionnels.*

wat ze gutt ass, dat gëtt op eemol langweileg. Wann d'Theateren also méi mëttelméisseg oder schlecht Produktioune géife weisen, wa se duerch Dilettantismus géifen opfalen, da géif vill méi vun e geschwat a vill méi iwwert se geschriwwe ginn.

Wat fir eng Theaterpremière gëtt da schonn deen Dag drop, an allen Zeitungen op dräi oder véier Säiten, kommentéiert? Deen Artikel kënnt vläicht eng Woch duerno, wa laang alles gelaf ass, an an e puer Zeile wann et gutt geet. E Fussballsmatch kritt déi Opmierksamkeet spilles, ëmmer erëm, a wat d'Resultat méi schlecht ass, wat et méi kommentéiert gëtt. Sportsredaktere sinn ebe méi fläisseg wéi Kulturredakteren. Jiddereen huet dach als Bouf selwer Fussball gespillt, jiddereen huet op d'mannst ee Match vun der WM op der Televisioun gekuckt, jiddereen ass een heemlechen Trainer, deen dat vill besser géif maachen. Do tausche sech also kompetent Reportere mat kompetente Lieser aus.

Wat soll een dann iwwert eng Theaterpremière zu Lëtzebuerg vill schreiwen? Et ass esouguer verbueden, Fotoen an der Virstellung ze maachen. A wann et erlaabt wier, wat géif een dann do fotograféieren? Meeschtens ass d'Bühn ënnerbeliicht.

All Fussballsterrain huet ee Flutliicht. Dat ka keen Theater sech leeschten. An dofir wäert den Theater zu Lëtzebuerg och ni esou am Rampeliicht stoe wéi de Fussball. Dat kann och seng Chance sinn. Wat awer d'Zukunft bruecht huet, dat gesäit een ëmmer eréischt wann een d'Vergaangenheet beliicht.

Frot mech also haut net wou et higeet, frot mech an e puer Joer nach eng Kéier wéi et war, da kann ech drop äntweren. Et ass ewéi mam Wieder. Viraussoen gi meeschtens net vum Wieder agehalen, well d'Wieder jo net weess, wat mir em virausgesot hunn.

Theatre in Luxembourg should explore the country's amazing multi-cultural possibilities. It must work for and with the national and international communities and backgrounds.

Theatre in Luxembourg should have an impact on people succeeding, rather than focussing on the past. It must work for and with the generations to come.

Anne Simon

*Responsable projet jeunesse « Maach Theater! » et assistante à la mise en scène au Théâtre national du Luxembourg*

